N° 6189
Reçue le 14.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°6189 du 13 mai 2022 de Monsieur le Député Marc Goergen au sujet des bureaux de poste

Et ass am Moment net virgesinn de Postbüro zu Rodange zouzemaachen.

Bei der Aktioun op déi den éierbaren Deputéierten hiweist handelt et sech ëm eng vun de reegelméissegen Ëmfroen iwwert d'Zefriddenheet vun hire Clienten déi d'POST an de Verkafsplazen duerchféiert. Op Basis vun de Resultater vun esou Sondagen, déi 1 bis 2 Mol am Joer duerchgefouert ginn, stinn a kengem Zesummenhang mat der geographescher Ausriichtung vum Verkafsreseau.

Am Joer 2022 ass virgesinn de Postbüro vu Rëmeleng de 15 Juli zouzemaachen. Fir déi Joren dono gëtt et keng Decisioun weider Büroen zouzemaachen. Am Laf vum Joer 2022 wäert en Espace POST zu Réimech opmaachen an am November 2022 en Espace POST am Auchan um Kierchbierg. Fir 2023, sinn d'Projeten nach an der Analyse.

Wat de Reseau vun de Points POST ugeet, ass d'POST am Moment gutt opgestallt, sollten sech awer nei Méiglechkeeten erginn, wäert d'POST weider Points POST opmaachen.

Luxembourg, le 14/06/2022

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot